N°2338
Entrée le 19.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Bierger:innen, déi Informatiounen iwwert d'Justiz brauchen, kënnen sech un de Service d'accueil et d'information juridique vum Parquet général wenden. Dësen informéiert d'Leit generell iwwert Prozeduren an Ulafstellen. Et existéiert ee Guichet an der Stad an och een zu Dikrech an dëse Service ass gratis.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Beamt:innen assuréieren dëse Service a wéi vill Aarbechtsstonne vum Personal si fir de Service virgesinn (ETP)?

2. Wéi vill Bierger:innen hunn de Service an de vergaangenen 3 Joren an Usprooch geholl (opgeschlësselt pro Joer, pro Geriicht a pro Domaine (civil, pénal, travail, bail à loyer)?

3. Wéi de Minister fir d'Fonction publique op d'Fro 1890 bestätegt, ass all selwer Ministère fir d'Servicequalitéit an d'Reklamatiounen a senge Verwaltungen zoustänneg.
   Gouf an de leschte Joren eng Evaluatioun vun der Qualitéit vun deem Service gemaach? Falls jo, kann d'Ministesch d'Resultater vun dëser Evaluatioun deelen?

4. Wéi de Minister fir d'Fonction publique op d'Fro 1890 bestätegt, ass all selwer Ministère fir d'Servicequalitéit an d'Reklamatiounen a senge Verwaltungen zoustänneg.
   - Gouf an de leschte Joren eng Evaluatioun vun der Qualitéit vun deem Service gemaach? Falls jo, kann d'Ministesch d'Resultater vun dëser Evaluatioun deelen?
   - Wéi eng Verbesserungen wäerten am Service gemaach ginn, fir z'assuréieren, datt d'Bierger:innen déi néideg a richteg Informatioune kréien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten